PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Séance plénière 9.02.2023

Lëtzebuerg, den 09/02/2023

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Datt den iranesche Regimm säit dem Doud vum Mahsa Jina Amini duerch iranesch Revolutiounsgarden nach méi repressiv géint seng eege Bevëlkerung virgeet;
- Datt den iranesche Regimm Manifestanten ouni jegleche Respekt vu Mënscherechter aspäärt, foltert an exekutéiert;
- D'iranesch Revolutiounsgarden hei besonnesch schwéier implizéiert ass an disproportionéiert géint d'Protester am Land virgeet;
- Dat d'EU-Parlament den 19te Januar 2023 d'Resolutioun 2023/2511(RSP)) ugeholl huet, déi dës Verbrieche kloer opweist a verurteelt;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. D'Verbrieche vum iranesche Regimm konsequent an der Ëffentlechkeet an och an private Gespréicher mat Representante vun anere Staaten ze verurteelen;
2. D'iranesch Revolutiounsgarden als Terroristesch Organisatioun un z'erkennen an dofir se suergen, dass all wirtschaftlech Relatiounen tëscht Membere vun der Revolutiounsgarden an Acteuren aus Lëtzebuerg ënnerbonne ginn;
3. All d'Efforte vum EU-Parlament an der EU Kommissioun géint all Aart vu Folter, Doudesstrofen a soss repressiivt Verhale vum Iranesche Regimm géint seng eege Bevëlkerung z'ënnerstëtzen.

Sven CLEMENT